



Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6642 vum 10. August 2022 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen

Zur Fro 1:

Den Aarbechtsgrupp wäert sech och mat autonome Waffesystemer allgemeng beschäftegen. Den Aarbechtstitel vum interministeriellen Aarbechtsgrupp baséiert op dem Titel vum Aarbechtsgrupp, dee sech bei den Vereenten Natiounen ëm dëse Sujet këmmert: Group of governmental experts related to emerging technologies in the area of lethal autonomous weapons systems in the context of the objectives and purposes of certain conventional weapons which may be deemed to be excessively injurious or to have indiscriminate effects.

Mir hunn dee selwechten Titel benotzt fir kohärent mat der Terminologie vun de Vereenten Natiounen ze sinn. Op internationalem Niveau ginn eng Panoplie un Termen austauschbar benotzt fir de Sujet, deen dësen Aarbechtsgrupp thematiséiert, ze beschreiwen (autonom Waffesystemer, déidlech autonom Waffesystemer, Killerroboter, Slaughterbots). Eng vun den Aufgabe vum Aarbechtsgrupp ass et fir national eng Definitioun vun dëse Systemer festzeleeën an och ze definéieren wat fir eng Systemer genau gemengt sinn.

Zur Fro 2:

Eng vun den Aufgaben vum Aarbechtsgrupp ass et Proposen auszeschaffen, wéi een esou Systemer op nationalem Niveau reglementéiere kann a soll – woubäi och consideréiert muss ginn, dass et op internationalem Niveau aktuell net dono ausgesäit, dass schnell ee Konsens fir een Traité oder soss verbindlech Moosname fonnt ka ginn.

D'Zil vum Aarbechtsgrupp ass et och eng Positioun fir Lëtzebuerg auszeschaffen, fir déi ee sech op internationalem Niveau asetzen kann. Dëst vereinfacht eis et dann och, eis mat Länner, déi änlech Positiounen hunn, zesammenzedoen fir méi verbindlech Moosnamen anzetrieden. Dëst ka souwuel um Niveau vun der UN, der EU oder der NATO sinn.

Zur Fro 3:

Éischt Resultater si fir de Summer 2023 virgesinn, wou den Aarbechtsgrupp ee Rapport virleeë wäert. D'Resultater an een eventuellen Aktiounsplang fir nächst Schrëtt an dësem Dossier wäerten der Chamber selbstverständlech virgestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 24. August 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister